LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse commune de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, de Monsieur le ministre des Affaires étrangères et du Commerce extérieur, Xavier Bettel, et de Monsieur le ministre des Finances, Gilles Roth, à la question parlementaire n°2155 du 27 mars 2025 de Monsieur le député Sven Clement au sujet de l'impact de nouveaux tarifs douaniers américains sur l'économie luxembourgeoise**

1)
D'Donnéeë vum Statec erginn datt am Joer 2024 460 Betriber op d'mannst ee Produkt direkt an d'USA exportéiert hunn. Vun dëse Betriber sinn der 41 déi Wueren exportéiert hunn, déi an der Kategorie vun de Materialie fir Transport („matériaux de transport") klasséiert sinn. Et sief drop higewisen datt och Wueren déi net an dës Kategorie fale kenne fir d'Automobilindustrie an hier Fournisseure produzéiert ginn.

2) / 3)
Déi am Artikel genannte Schätzung vun 0,98% entsprécht net dem Impakt vun der Erhéijung vun den US-Tariffer op de Lëtzebuerger PIB, et handelt sech hei ëm de Grad vun der Expositioun vum Lëtzebuerger PIB duerch d'Exporter, wann een och den indirekten Impakt duerch Exporter vun aneren EU-Länner berücksichtegt. De finalen Impakt op de Lëtzebuerger PIB wier deemno méi niddreg.

Et ass wichteg ze ënnersträichen, datt eng Aschätzung vum Impakt vun den US-Tariffer schwiereg ass a vill verschidde komplex Facteure ze berücksichtege sinn, ewéi zum Beispill: de Phenomen vu Substitutiounseffekter duerch Konsumenten a Produzenten, d'Ëmorganisatioun vun den Handelsflëss tëschent de Länner, méiglech Géigemoossname vun der EU an anere Länner… De STATEC schafft aktuell un enger Aschätzung vun de méiglechen Impakter op d'Lëtzebuerger Wirtschaft an hirem Ausmooss, woubäi d'Bewäertung vu villen Elementer an Aspekter schwiereg bleift.

Déi ugekënnegt Tariferhéijungen, wann se laangfristeg ëmgesat ginn, sinn historesch aussergewéinlech héich. Déi üblech statistesch Auswäertungsmodeller kënnen se dofir nëmme schwéier integréieren a kéinten den Impakt falsch aschätzen, zum Deel well d'Reaktioun vun den Exporter an Importer op dës Erhéijunge kéinte vun der Elastizitéit hier anescht si, wéi dat an de leschte Joren a Joerzéngte beobacht gouf.

En aneren entscheedende Facteur wäert d'Entwécklung vun den Taux de Change sinn, mat engem staarken Impakt op d'Inflatioun an den USA an an Europa grad wéi op d'Handelsbezéiungen. D'USA ënnersträichen den Ament, datt den Dollar iwwerbewäert wier, an dofir Moossname kéinte geholl gi fir dësen ze devaluéieren.

Doriwwer eraus bleiwe vill Ongewëssheeten zu den tatsächlechen Entscheedunge vun der Regierung vun den USA, an domat och zu eventuelle Géigemoossname vun der EU an anere Länner. Dëst Klima vun Onsécherheet ass allgemeng schwiereg aus enger wirtschaftlecher Perspektiv, fir Investitiounen an d'Konsumgewunnechten, an och schwéier ze chiffréieren.

Dëse Kontext beaflosst och d'Finanzmäert an hier Entwécklung. Aus der Lëtzebuerger Perspektiv, wou d'Finanzservicer eng wichteg Roll spillen, ass och dëst e potenzielle Risiko. Aus all de genannte Grënn ass et och schwiereg potentiell Akommes- a Steierverloschter ze bezifferen.

4) / 5)
D'Lëtzebuerger Regierung ënnerstëtzt eng gemeinsam europäesch Äntwert an den Dialog mat den USA fir d'Vermeidung vun enger Tarif-Eskalatioun, déi béide Säite ka schueden. Lëtzebuerg wäert sech weiderhi fir e gerechten a fräien internationalen Handel asetzen. Am Fall wou keen Accord fonnt gëtt, ënnerstëtzt Lëtzebuerg eng proportional Äntwert vun der EU op déi amerikanesch Mesuren.

Luxembourg, le 29/04/2025

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles